



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7664 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen

Ad 1)

Den Educatiounsministère huet am Joer 2018 den nationale Programm *one2one* agefouert. Dëse Programm ass initial an d'Liewe geruff ginn, fir kënnen alle Schülerinnen a Schüler a Klassen aus dem Enseignement secondaire an aus der Formation professionnelle een Tablet zur Verfügung ze stellen, an dëst fir den Unterrecht zäitgerecht gestalten ze kënnen, also eng Méiglechkeet ze schafen, fir ënnerschiddlech digital didaktesch Methoden anzesetzen.

Laptoppe si méi spéit an de *one2one* Programm opgehall ginn, dëst am Kader vu verschiddene Formatiounen, wéi zum Beispill de Smart Technologies-Formatiounen¹ an och den Informatik-Formatiounen. Eng essentiell Iwwerleeung war an deem Kontext, datt de Schüler sollt autonom déi komplett Administratioun vun sengem Laptop assuréieren, net zulescht, well dëst Bestanddeel vu senger Formatioun sollt sinn.

Schoulen, déi di concernéiert Formatioun offréieren, kréie weiderhin iwwert de *one2one* Programm Laptoppe fir hir Klassen zur Verfügung gestallt.

Ad 2)

All d'Klassen aus dem Enseignement secondaire an der Formation professionnelle kënnen mat Tabletten equipéiert ginn. Dës si quasi fir all Besoinen, déi an de Formatiounen opdauchen, adaptéiert.

A spezifesche Formatiounen kënnen d'Schülerinnen a Schüler och Laptoppe kréien. Doriwwer eraus huet all Lycée d'Méiglechkeet, sech niewent dem *one2one*-Programm Chariote mat Laptoppen am Kader vun der järelecher Acquisitionsprozedur unzefroen. Dës Laptoppe kënnen dann an eenzelne Klassen an den Asaz kommen, falls et Momenter ginn, wou d'Tabletten net genuch Méiglechkeete bidden.

Esou verfüügt jiddereen an de Lëtzebuerger Lycéeën iwwert dat adequat informatesch Material, fir seng Formatioun an de beschtméigleche Konditiounen duerchlafen ze kënnen.

Ad 3)

Doduerch, datt all Schülerin a Schüler aus dem Enseignement secondaire an der Formation professionnelle mat engem Tablet equipéiert ka ginn an doriwwer eraus d'Lycéeën kënnen Laptoppen ufroen, gesäit den Educatiounsministère net, wou do eventuell Nodeeler bei der Wëssensverméttlung entstoe kéinten.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

¹ <https://men.public.lu/de/grands-dossiers/formation-professionnelle/smart-technologies.html>